

No drësseg Joër

Hien hänkt an. Séng Fra steet an der Dir. Hie fährt fir de Mond opzedoen. Hie weess nët, wat gët, wann en lo de Mond opdeet. Hie geet bei de Biffchen an hëlt eng vu sénge Pëllen raus. En zaapt e Glas Waasser a spullt d'Pëll of.

„Wat war dat do?“ Alles lauert an deem Gesiicht.

„Se hun d'Kaz nees do“.

D'Fra setzt de Gromperekerf op den Dësch.

„An?“ „Wat geet dat eis dann un?“ Da geet s'op en duer.

„Du wäerds dach nët gesot hun, du kéims se nees sichen?“

Hie geet duurch d'Kichendir raus op d'Terrass. Si kënnt him no.

„T as eis Kaz. Wat soll ech da man?“

Hannert séngem Réck as et een Ablack roueg.

„Also jo!“

Hien héiert se zrëckgon a wéi se de Krunn opdréit a wéi d'Gromperen an d'Bittche plätschen. Hie geet er no.

„Ech kann deenen dach nët verzielen, datt mer s'ausgesat hun. Mer hun ënnerschriwwen, fir d'Kaz ze suergen“.

Si wäscht d'Gromperen.

„Du has gesot, se kéim ni méi rëm. Ech froë mech, bis wuer s de se gefouert has.“

„Bis an de Präizerdall, hun ech der gesot.“

S'as jo och nët zrëckkomm. „T huet een se vun dorëmmer fond an ofgeliwwert.“

„Ennerstéi dech a géi se nees sichen!“

Hie geet nees aus op d'Terrass a mécht eng un. Hien dierft nët fëmmen. Wéinst séngem Häerz. „Schaaft iech en Déier un“, hat d'Doktesch gesot, „en Hond oder eng Kaz, dat berouegt, dat as gutt fir äärt Häerz“.

En hätt der Fra dat deemols solle soën. Datt eng Kaz gutt wir fir hien. Mä bei hir hätt en sech lächerlech gemaach, méi wéi sécher. Dofir sot en näischt. An dofir haten se vun Ufank Buttéck wéinst der Kaz.

Emmer war d'Kaz hir an de Féiss. Hien huet sech leng ëm se gekëmmert a mat er geschwat. En huet se Nero genannt.

„Dat passt bei dech!“, huet d'Fra em duergebass. Se sot nët, „dat passt bei d'Kaz!“.

Neen, „dat passt bei dech!“

D'Doktesch louch falsch, séngem Häerz huet et kee Gutts gedon. E brauch nach eng Kéier sou vill Pëllen wéi soss.

Hien denkt, häss de dach nëmmen d'Fra kënnen aussetzen, amplaz d'Kaz. Awer déi hätt de Wee sécher rëmfond. „T as keng gutt, dat weess e well drësseg Joër, mä wat déngt et!“

Se war ni jalous op hien. Ma emmer hat s'eppe aussetzen. Lo war s'op eemol jalous op d'Kaz. Well hien sech ëm se gekëmmert huet. „Firwat hëls de se nët mat an d'Bett?“, huet s'eng Kéier gejaut. D'Kaz hätt scho gewollt.

Hie geet nees an d'Kichen. Si schielt d'Gromperen. Se schielt wif, méi séier wéi soss.

„Wat hues de eigentlech géint d'Kaz, héier?“

„Mer brauche keng! Mer hu keng Mais!“

„Ob ech vläicht eng brauch, frees de nët?“

Si laacht en aus, haart a gemeng: „Wat s de méi al gëss, wat méi topech!“

Se schwetze kee Wuert iwwerem Iessen. Hie piddelt an der Omelett an an de Gromperen. An hiren Aë steet eppes, dat hie kennt: „Ech hu nees gewonnen“, heescht dat.

Hie steet op a geet iwwer d'Terrass an de Gaart. De Gaart as tipptopp. Gaardenaarbecht wir och gutt fir hien, hat d'Doktesch gesot. Dogéint huet d'Fra näischt.

„Ech kommen se de Mëtteg nees wech huelen“, hat en um Telefon gesot. Den Auto steet nach virum Haus, d'Fra hat en nët ragesat. Dat muss hien ëmmer maachen.

Hie steet hannen am Gaart beim hëlzenen Dëschelchen. Um Stull ënnert dem Dësch louch den Nero ëmmer ze schlofen. Wann hien em iwwert de Kapp gefuer as an en tëschent den Ouere gekriwwelt huet, dann as en opgestan an huet sech gestreckt. An dann as en am Gaart nët méi vun him gewach.

Hie kënnt zrëck duurch de Pad a geet duurch de Keller an d'Garage. E stäipt d'Paart op a léisst se nees an d'Schlass falen. De Schlëssel stécht nach um Auto.

„Wouhin!“

Seng Fra steet an der oppener Livingsfënster.

E mécht d'Autosdir hallef op.

„An den Asyl!“

„Da sin ech fort, wann s de rëm kënns, Männchen!“

Hie schléit d'Dir zou a fiert.



Illustration: Moritz Ney

josy braun